



# D'Pëtschter *Norricht*

12/2013

INFORMATIONUNBLAT VUN DER GEMENG PËTSCHENT





## Déi nei Pëtschter Noriicht

Am Ufank vun dësem Joër huet de langjähregen Redakter Claude Du Fays eis matgedeelt, dass hen aus Zeitgrënn nët méi kinnt un der Pëtschter Noriicht weiderschaffen. D'Gemeng Pëtschent wëllt dem Claude du Fays op dësem Wee e ganz grouse Merci soen fir seng wertvoll Matarbecht.

Heimat mecht d'Gemeng e warmen Opruff u jiddereen, deen interesséiert ass un der Zeitung matzeschaffen, sief dat als Veräin oder Privatpersoun.

Meld lech w.e.g ob der Gemeng zu Pëtschent (Tel. 990420) oder schéckt eng Mail un [secretariat@putscheid.lu](mailto:secretariat@putscheid.lu)



### Impressum

Gemengenverwaltung vun Pëtschent an Zesummenaarbecht mat den Veräiner an Interessenten aus der Gemeng Pëtschent

Adress e-mail: [secretariat@putscheid.lu](mailto:secretariat@putscheid.lu)

Oblo: 400





## Réunion du Conseil communal de la commune de Putscheid du 14 mai 2013

Présences : Jean Kinn, bourgmestre ;  
Lotty Kanivé-Biewer, Aloyse Lieners, échevins ;  
Louise Urhausen-Heischbourg, Roger Schirtz, Nico Jacobs, Roger Zanter,  
Carlo Birchen, conseillers communaux  
Jean Trausch, secrétaire communal

Absences : Guida Biewer-Marques, conseillère communale, (excusée)

### 1) Approbation du compte de gestion et administrative 2010 ;

Avec l'approbation du compte de gestion et administrative de la commune le conseil communal approuve la gestion administrative et financière du collège des bourgmestre et échevins ainsi que celle du receveur communal. A part quelques remarques minimales le service de contrôle de la Comptabilité des communes a attesté une bonne conduite des finances communales aux responsables politiques et administratives pour l'exercice 2010.

Pour ces motifs les membres du conseil communal à l'unanimité des voix approuve le compte des recettes et dépenses pour l'exercice 2010 qui se lit comme suit :

Boni du compte de 2009	4.750.875,77.- euros
Recettes ordinaires	3.178.470,37.- euros
Recettes extraordinaires	236.033,70.- euros
Total des recettes	8.165.379,84.- euros
Mali du compte de 2009	0.- euro
Dépenses ordinaires	2.124.863,03.- euros
Dépenses extraordinaires	890.318,50.- euros
Total des dépenses	3.015.181,53.- euros
BONI 2010	5.150.198,31.- euros
MALI 2010	0.- euro

### 2) Approbation d'un devis supplémentaire en rapport avec la construction d'un pavillon barbecue à Bivels

Etant donné que le bureau d'architecture BENG, chargé de l'élaboration du projet de construction d'un pavillon barbecue à Bivels, avait omis dans son devis initial de prendre en compte les éléments de finitions de la façade le conseil communal était appelé de se prononcer sur une approbation d'un devis supplémentaire et avec ceci une augmentation du crédit budgétaire initialement voté.

Le devis initial du projet s'élevait à 95.000.- euro ttc. La nouvelle version du devis se chiffre par contre à 130.000.- euro ttc. Unaniment les membres du conseil communal ont voté une rallonge budgétaire de 35.000.- euro afin de ne pas hypothéquer la réalisation du projet sous rubrique.



A titre de soutien la Ministre des Classes Moyennes et du Tourisme subventionnera le projet de construction du pavillon avec une aide étatique de 20.460.- euros.



### 3) Approbation d'un contrat de bail

Unanime le conseil communal décide de prolonger le contrat de bail avec Monsieur Armand Doyen de Putscheid pour le logement situé au-dessus de la mairie de Putscheid. La prolongation de bail court à partir du 01.03.2013 pour une durée de 3 ans. Le loyer mensuel a été fixé à 700.- euro par mois et la participation aux frais de chauffage a été arrêtée à 100.- euro par mois.

### 4) Approbation du programme annuel pour l'exercice 2014 concernant les travaux d'amélioration et mise en état de la voirie rurale dans la commune de Putscheid

La majeure partie des chemins ruraux sont actuellement dans un bon état vu que dans le passé la commune de Putscheid a beaucoup investi dans la réfection de ses chemins ruraux.

Le programme annuel pour l'année 2014 prévoit la mise en état des chemins suivants :

Localité	Lieu-dit	longueur
Nachtmanderscheid	Staeland	900.- mètres
Weiler	Braetfeld	300.- mètres

### 5) Changement ponctuel du règlement de la circulation

Aux fins d'augmenter la sécurité routière à Putscheid et à Bivels le conseil communal à l'unanimité des voix s'est prononcé pour

- l'application d'une priorité à droite dans le quartier résidentiel « Neit Wunnen » à Putscheid

et



- l'introduction d'un nouveau passage piéton à Bivels sur le CR 355 à l'intérieur de la localité à la fin du trottoir de la « rue du lac » direction Vianden faisant la liaison avec la promenade de l'Our.

#### **6) Désignation de deux délégués dans la commission paritaire de contact et de liaison du centre Schlossbléck (SERVIOR) à Vianden.**

Vu que la commune de Putscheid s'est participée avec 144.000.- euro aux coûts de construction de la nouvelle maison des soins à Vianden elle a acquis pour ses habitants un droit de priorité d'admission de 2 chambres dans la nouvelle maison de Soins « Schlossbléck » à Vianden.

Avec cette participation financière la commune de Putscheid a en plus obtenu le droit d'être représentée avec deux membres dans la commission paritaire de contact et de liaison de la Maison de soins Schlossbleck qui a pour mission

- de prendre toute décision en relation avec d'éventuelles modifications des conditions d'admission
- d'analyser des statistiques d'occupation
- de discuter le bilan des admissions et l'état des demandes d'admission

Pour ces motifs le conseil communal avec toutes ses voix nomme Madame Kanivé-Biewer Lotty , échevine, domiciliée de Bivels et Madame Urhausen-Heischbourg Louise, conseillère communale, domiciliée à Gralingen comme représentantes de la commune de Putscheid dans la commission paritaire de la maison de soins « Centre Schlossbléck » à Vianden.

#### **7) Prolongation du délai pour une durée de deux ans pour la réalisation du plan d'aménagement général de la commune de Putscheid**

Afin d'éviter que son plan d'aménagement général devient caduc au 08 août 2013 le conseil communal s'est vu obligé de voter après 2010 une deuxième fois pour prolongation du délai pour la réalisation du plan d'aménagement général de la commune de Putscheid.

L'obligation de faire de multiples études (Plans directeurs sectoriels, étude d'évaluation environnementale etc) en rapport avec l'élaboration du nouveau PAG de la commune est la raison du retard pourquoi la révision du PAG n'a pas encore abouti à sa fin.

Suivant les informations du Ministère de l'intérieur seules deux communes des 106 communes du Grand-Duché de Luxembourg ont fini actuellement avec la procédure de refonte de leur plan d'aménagement respectif !

#### **8) Participation aux frais des cours de musique du conservatoire de Musique du Nord pour l'exercice 2013/2014**

Comme les dernières années les conseillers communaux sont d'accord que la commune de Putscheid prend à charge la taxe annuelle supplément non-résident facturée par le Conservatoire de Musique du Nord aux parents d'élève fréquentant un établissement scolaire et habitant dans la commune de Putscheid.





## Sëtzung vum Gemengerot vu Pëtschent vum 14. Mee 2013

Et waren do: Jean Kinn, Buergermeeschter  
Lotty Kanivé-Biewer, Aloyse Lieners, Schäffen  
Louise Urhausen-Heischbourg, Roger Schirtz, Nico Jacobs, Carlo Birchen,  
Conseilleren

Jean Trausch, Gemengesekretär

Et huet entschëllegt gefeelt: Guida Biewer-Marques

### 1) Genehmigung vum Kont vum Joër 2010

Mat der Genehmigung vum Kont vun 2010 approuvéiert de Gemengerot dem Schäfferot seng administrativ a finanziell Gestiouen vun der Gemeng. Bis op e puer kleng Remarken huet och de Service de contrôle de la comptabilité des communes de politesche Responsablen an hirem Verwaltungspersonal eng gutt Féierung vun de Gemegefinanzen vum Exercice 2010 attestéiert.

Dorop approuvéiert och de Gemengerot eestëmmeg de Kont vun den Ausgaben an den Einnahmen fir d'Joer 2010 mat folgenden Eckdaten :

Boni vum Kont 2009	4.750.875,77.- Euro
Ordinaire Einnahmen	3.178.470,37.- Euro
Extraordinaire Einnahmen	236.033,70.- Euro
Total vun de Recetten	8.165.379,84.- Euro
Mali vum Kont 2009	0.- Euro
Ordinaire Ausgaben	2.124.863,03.- Euro
Extraordinaire Ausgaben	890.318,50.- Euro
Total vun den Ausgaben	3.015.181,53.- Euro
BONI 2010	5.150.198,31.- Euro
MALI 2010	0.- Euro

### 2) Genehmigung vun engem zousätzlechen Devis am Zesummenhang mam Bau vun enger Grillhütt zu Bivels

Well den Architektbüro BENG, de mam Ausschaffe vum Projet vun der Grillhütt beoptragt ass, d'Verkleedung vun der Baussefassade vergiess hat am initialen Devis mat anzerechnen, muss de Gemengerot en zousätzlechen Devis nostëmmen an och d'Eropsetzen vum Kredit am Budget guttheeschen. Den initialen Devis waren 95.000.- Euro TTC. Den neien Devis beleeft sech elo op 130.000.- Euro, an dofir genehmegt de Gemengerot eestëmmeg den zousätzlechen Kredit vu 35.000.- Euro fir dass de Projet kann realiséiert ginn. Den Tourismusministere steiert eng Bähëllef vun 20.460.- Euro bei de Projet bei.





### 3) Genehmigung von engem Mietkontrakt

Eestëmmeg genehmegt de Gemengerot d'Verlängerung vum Mietkontrakt mam Armand Doyen vu Pëtschent fir d'Appartement iwwer der Gemeng. Des Verlängerung fänkt den 01.03.2013 un an huet eng Lafzäit vun 3 Joer. De Loyer beleeft sech op 700.- Euro pro Mount an eng Bedeelegung un den Heizkäschten vun 100.- pro Mount.

### 4) Genehmigung vum Programm fir 2014 fir d'Asandsetzen vun de Feldweeër an der Gemeng Pëtschent

Déi meescht vun de Feldweeër an der Gemeng Pëtschent sinn aktuell an engem gudden Zoustand, virun allem och well d'Gemeng regelméisseg vill Suen fir d'Astandsetzen vun de Weeër investéiert huet.

De Programm fir 2014 gesäit Aarbechten u folgende Weeër vir:

Duerf	Lieu-dit	Längt
Nuechtmanesch	Staeland	900 Meter
Weller	Braetfeld	300 Meter

### 5) Punktuell Ëmännerung vum Verkéiersreglement

Fir d'Verkéiserssécherheet zu Pëtschent an zu Bivels ze verbesseren schwätzt sech de Gemengerot eestëmmeg fir folgend Moossnamen aus :

- Rietsvifahrt am Wunnquartier « Neit Wunnen » zu Pëtschent
- an
- en neien Zebrasträifen zu Bivels um CR 355 zum Schluss vum Trottoir Richtung Veianen fir d'Verbindung mat der Promenade de l'Our ze maachen.



**6) Bestëmmen vun 2 Vertrieder an der « Commission paritaire de contact et de liaison vum Pflegeheim Schlassbleck (Servior) am Fleegeheim Schlassbléck (SERVIOR) zu Veianen**

Well d'Gemeng Pëtschent sech mat 144.000.- Euro un de Käschten vum neien Fleegeheim Schlassbléck zu Veianen bedeelegt, huet si dann och e Virrecht op 2 Zëmmer. Duerch des finanziell Bedeelegung huet d'Gemeng Pëtschent och d'Recht op 2 Vertrieder an der „Commission paritaire de contact et de liaison de la Maison de soins Schlassbléck“, déi folgend Aufgab huet :

- Decisiounen iwwer eventuell Ëmännerungen vun de Konditiounen fir d'Opnahm am Fleegeheim
- Ënnersichen vun der Auslaaschtung vum Fleegeheim
- Diskussioun iwwer d'Opnamen an iwwer d'Ufroen vun neien Opnamen

De Gemengerot bestëmmt eestëmmeg d'Madame Kanivé-Biewer Lotty, Schäffin vu Bivels an d'Madame Urhausen-Heischbourg Louise, Gemengeconseiller vu Grootjen an des Kommissioun.



**7) Verlängerung fir 2 Joer vun der Prozedur fir d'Ausschaffen vum neien « plan d'aménagement général PAG » fir d'Gemeng**

Fir ze vermeiden dat de bestehende PAG vun der Gemeng den 8. August 2013 an Grengzone fällt, ass de Gemengerot gezwongen no 2010 eng zweete Kéier den Delai ze verlängeren fir d'Ausschaffen vum neien PAG ze erméiglechen.


Déi vill zousätzlech Studien am Kader vum neien PAG si Schold fir d'Verspéidung beim Ausschaffen vum neien PAG.

No Informatiounen vum Inneministère sinn aktuell réicht 2 vun 106 Gemengen mat hirem neien PAG fäerdig.

**8) Bedeelegung un de Käschten vun der Museksschoul am Conservatoire du Nord (Dikrech/Ettelbreck) fir den Exercice 2013/2014**

Wéi schonn déi Joeren virdrun ass de Gemengerot averstan dass d'Gemeng Pëtschent de „supplément non-résident“ iwwerhëlt den de Conservatoire de Musique du Nord den Elteren verrechent fir Kanner déi an der Gemeng Pëtschent wunnen.





## Réunion du Conseil communal de la commune de Putscheid du 16 juillet 2013

Présences : Jean Kinn, bourgmestre ;  
Lotty Kanivé-Biewer, Aloyse Lieners, échevins ;  
Louise Urhausen-Heischbourg, Roger Schirtz, Nico Jacobs, Guida Biewer-Marques, Roger Zanter, Carlo Birchen, conseillers communaux  
Jean Trausch, secrétaire communal

Absences : néant

### **1) Approbation d'un devis supplémentaire relatif aux frais d'études en rapport avec la construction d'un bassin d'orage avec station de pompage à Merscheid et à Gralingen ainsi que la mise sur place d'un collecteur d'eaux usées vers la future station d'épuration biologique de Hoscheid**

En 2009, le bureau d'études BEST de Senningerberg était chargé de faire l'étude pour la construction d'un bassin d'orage avec station de pompage pour les localités de Merscheid et Gralingen avec pose d'un collecteur vers la nouvelle station d'épuration à Hoscheid et ceci pour un montant de 305.550.- euro ttc.

Regrettant que les montants des travaux, avancés dans le cadre du contrat initial, n'étaient qu'une estimation sommaire se basant sur les forfaits de l'administration de la gestion de l'eau, montants cependant largement insuffisants pour couvrir les frais réels d'un projet de telle envergure. Voilà pourquoi les édiles communaux étaient appelés à approuver un avenant au contrat d'études pour un montant de 260.541 euro ttc. Avec ceci le conseil communal a également augmenté le crédit budgétaire à raison de 261.000.- euro afin d'être à même de payer les frais d'études supplémentaires.

Le devis actualisé des travaux du projet pour la commune de Putscheid accuse un montant total de 4.025.000.- Euro et se décompose comme suit :

- Bassin d'orage pour la localité de Merscheid : 1.033.384,72 Euro
- Bassin d'orage pour la localité de Gralingen : 806.693,37 Euro
- Réseaux de viabilité et collecteurs vers la future station d'épuration Hoscheid : 2.090.520,90 Euro
- Droits de passage, pertes de récolte, frais de soumission, divers : 94.401,01 Euro.

Il y a lieu de préciser que nonobstant une promesse de 2007 pour une subside du projet à raison de 90%, et malgré plusieurs interventions du SIDEN auprès de responsables de l'Administration de la Gestion de l'Eau, le Ministère de l'Intérieur et à la Grande Région n'a engagé qu'un subside de 2.384.987.- Euro, de sorte que la part de la commune de Putscheid pour le projet sera de  $4.025.000 - 2.384.987 = 1.640.013$ .- Euro.

## **2) Approbation d'un règlement de circulation temporaire pour l'organisation de la manifestation sportive « 4 Stonnen Velo Grooljen »**

A l'unanimité, le conseil communal approuve un règlement de circulation qui autorise le barrage de certaines rues autour de Gralingen pour l'organisation de la manifestation sportive « 4 Stonnen Velo Grooljen » pour le 15 août 2013.

## **3) Approbation des actes notariés**

Le conseil communal à l'unanimité des voix approuve

- l'acte administratif N° 13 du 03 juillet 2013 entre la commune de Putscheid et la Société Electrique de l'Our aux termes duquel la Société Electrique de l'Our SEO fait une donation à la commune de Putscheid de quatre parcelles cadastrales situées à Bivels sur la voirie publique avec une contenance totale de 2.90 ares. Le conseil communal remercie la Société Electrique de l'Our pour son geste donataire
- dans le cadre du droit de préemption prévu par la loi pacte logement du 22 octobre 2008, l'acte de vente du 06 juin 2013 Numéro 769 entre la commune de Putscheid et les héritiers Klein aux termes de laquelle les héritiers Klein vendent à la commune de Putscheid cinq articles cadastraux à savoir : 104/958, 107, 108, 110/808 et 385 avec une contenance totale de 176,10 ares pour un prix de 98.995.- euro
- l'acte administratif N° 14 du 29 mai 2013 entre la commune de Putscheid et les consorts Heinen de Vianden aux termes duquel la commune de Putscheid vend aux consorts Heinen une parcelle avec le numéro cadastral 198/2254 avec une grandeur de 0.53 are au prix de 3.180.- euro. Cette parcelle est destinée pour l'aménagement d'un parking à Stolzembourg
- l'acte de vente N° 4651 du 11/07/2013 entre la commune de Putscheid et les héritiers Klein aux termes de laquelle les héritiers Klein vendent à la commune de Putscheid l'article cadastral N° 235/1822 avec une contenance de 0,60 are pour un prix de 194,74.- euro dans le cadre de l'élargissement du CR 353
- l'acte de vente N° 4652 du 11/07/2013 entre la commune de Putscheid et M. et Mme Steichen René aux termes de laquelle M. et Mme Steichen vendent à la commune de Putscheid l'article cadastral N° 66/979 avec une contenance de 0,05 are pour un prix de 16,23.- euro dans le cadre de l'élargissement du CR 353

## **4) Désignation des membres de la commission pour jeunes**

Dans sa séance du 21 août 2012, le conseil communal, vu le manque d'intérêt de la part des jeunes de notre commune, a décidé de ne plus participer aux activités de la Maison pour Jeunes à Vianden. L'idée était de créer à partir de l'exercice 2013 une commission pour jeunes composée par des membres du conseil communal et des représentants des jeunes respectivement des clubs des jeunes de la commune de Putscheid et défendre et promouvoir les intérêts des jeunes de notre commune.

Suite à un appel de candidatures dans la commune et une réunion d'information, dix personnes ont posé leur candidature pour devenir membre de la commission pour jeunes de la commune de Putscheid, à savoir :

5)

Nom et prénom	Domicile	Représentation
Kanivé-Biewer Lotty	Bivels	Collège échevinal
Zanter Roger	Gralingen	Conseil communal
Zanter Max	Gralingen	Jeunesse Gralingen
Zanter Christian	Gralingen	Jeunesse Gralingen



Schiltges Marc	Weiler	Jeunesse Weiler/Putscheid
Smeets Marc	Putscheid	Jeunesse Weiler/Putscheid
Ersfeld Michi	Poul	Jeunesse Weiler/Putscheid
Jacobs Kai	Weiler	Jeunesse Weiler/Putscheid
Mangen-Schintgen Françoise	Putscheid	Parent de petits enfants
Schirtz-Willems Françoise	Gralingen	Parent de petits enfants

Vu le bon mixte des candidatures le conseil communal était d'avis d'accepter toutes les candidatures et avec ceci nomme les 10 personnes suscitées comme membre de la commission pour jeunes de la commune de Putscheid.

## 5) Approbation des statuts de la nouvelle commission pour jeunes

Après avoir été avisé préalablement favorable par les représentants des associations pour jeunes, les statuts de la nouvelle commission pour jeunes proposés par l'administration communale ont connu l'accord des membres du conseil communal.

### Statuts de la commission pour jeunes

#### Art. 1<sup>er</sup>. Missions

La commission pour jeunes, dénommée ci-après « la commission », prend des initiatives et, le cas échéant assiste les associations locales dans la planification des activités ayant pour but l'organisation de loisirs, d'activités et de manifestations culturelles, éducatives, récréatives ou sportives pour les jeunes de notre commune .

#### Art.2. Composition

- (1) Les membres de la commission doivent être âgés de seize ans accomplis le jour de leur candidature et avoir leur résidence sur le territoire de la commune de Putscheid.
- (2) Le nombre total de membres de la commission est de six au moins et de dix au plus. Les membres sont nommés par le conseil communal sur base d'une liste de candidats établie par le collège échevinal suite à un appel à candidatures publié dans la commune au moins trente jours avant la date prévue pour la nomination.  
La commission comprend autant de membres suppléants que de membres effectifs. En cas de maladie, d'absence ou d'autre empêchement, un membre effectif est remplacé par un membre suppléant.
- (3) Les membres sont choisis de façon à ce qu'il y ait au moins deux membres du conseil communal dont un est membre du collège des bourgmestre et échevins

#### Art. 3. Renouvellement

La commission est renouvelée à la suite des élections communales dans les six mois qui suivent l'entrée en fonction du conseil communal.

Le mandat de membre de la commission est renouvelable.

Hormis les cas de décès ou de démission, le mandat individuel d'un membre de la commission prend fin :

- Dès que l'intéressé cesse de résider sur le territoire de la commune de Putscheid
- S'il s'agit d'un membre du conseil communal désigné en cette qualité dans la commission, dès qu'il cesse ces fonctions pour quelque raison que ce soit.

#### Art. 4. Président

La commission choisit en son sein un président et un vice-président .

Le président et le vice-président sont élus à la majorité des voix par les membres de la commission.

En cas de maladie, d'absence ou d'autre empêchement, le président est remplacé par le vice-président.

#### Art.5. Secrétaire

La commission choisit en son sein un secrétaire.

#### Art.6. Réunions

La commission se réunit aussi souvent que l'exige la bonne marche de ses travaux, mais au moins deux fois par an.

Elle est convoquée par son président.

#### Art.7. Assistance aux réunions

Le bourgmestre peut assister aux réunions de la commission avec voix consultative.

La commission délibère, soit à la demande du conseil communal ou du collège des bourgmestre et échevins, soit de sa propre initiative. Elle peut saisir les autorités communales de propositions, d'avis et de doléances en rapport avec ses missions.

La commission ne peut délibérer valablement que si la majorité de ses membres est présente.

#### Art.8. Procès-verbal

Le secrétaire dresse un procès-verbal des délibérations de la commission.

#### Art.9. Moyens financiers

Le conseil communal met à la disposition de la commission une enveloppe budgétaire dont le montant est inscrit annuellement dans le budget communal.

Cette enveloppe budgétaire sert principalement pour payer respectivement pour subventionner des initiatives et actions soutenues par la commission.

#### Art.9. Information

L'administration communale, après concertation avec la commission, informe les résidents de la commune des activités de la commission par les moyens les plus appropriés, tels que le bulletin communal ou le site internet communal.

La commission établit annuellement un rapport d'activités qu'elle transmet au conseil communal.

### **6) Approbation de l'état des restants 2012**

Le receveur communal Yves Reis présente aux membres du conseil communal le relevé des personnes qui n'ont pas encore payé les taxes communales pour l'exercice 2012. Le montant total de l'état des restants à recouvrer pour l'exercice 2012 se chiffre à 9.532,66.- euros. Aucune décharge est accordée par le conseil communal et le receveur est chargé de poursuivre les débiteurs retardataires par tous les moyens lui appropriés.

### **7) Divers**

Le conseil communal décide

- d'allouer un subside de 250.- euros à la Chorale de Stolzenbourg pour leur soutien lors de l'organisation de la réception après le TE DEUM lors de la célébration de la fête Nationale à Stolzenbourg

- d'accorder un subside de 200.- euros pour soutenir la cérémonie « Night Vigil 2013 » de l'association Friends of Patton's 26<sup>th</sup> Infantry Division Luxembourg qui aura lieu cette année le 21 décembre 2013 à Mertzig
- de nommer dans une première phase M. Aloyse Lieners, échevin, M. Roger Schirtz, conseiller communal, M. Jean Trausch, secrétaire communal, M. Alain Biver, fonctionnaire communal, M. Patrick Schinnert ouvrier communal et Monsieur René Kessler membres du Climat Team dans le cadre du Pacte climat pour la commune de Putscheid.



*Vue sur la passerelle entre Bivels et la SEO*





## **Sëtzung vum Gemengerot vu Pëtschent vum 16. Juli 2013**

Et waren do: Jean Kinn, Buergermeeschter  
Lotty Kanivé-Biewer, Aloyse Lieners, Schäffen  
Louise Urhausen-Heischbourg, Roger Schirtz, Guida Biewer-Marques  
Nico Jacobs, Carlo Birchen, Conseilleren

Jean Trausch, Gemengesekretär

Et huet kee gefeelt.

### **1) Genehmigung vun engem zousätzlechen Devis am Zesummenhang mat de Studien am, Kader vum Ausschaffen vum Projet fir de Bau vun engem Reenreckhaltebecken mat Pompelstatioun zu Mierschent an zu Groljen an dem Verleeën vun engem Ofwaassersammler bei déi nei interkommunal Kläranlag zu Houschent**

Am Joer 2009 ass den Ingenieurbüro BEST vum Sennéngerbiërg beoptragt ginn fir eng Etude ze maachen fir de Bau vun engem Reeniwerlafbecken mat Pompelstatioun fir Mierschent a Groljen an engem Ofwaassersammler Richtung nei interkommunal Kläranlag zu Houschent. Des Etude sollt 305.550.- Euro kaschten TTC.

Am initialen Kontrakt waren des Aarbechten allerdings nëmmen graff geschätzt ginn a waren doniewent op Forfait'en baséiert ginn, déi vun der Waasserwirtschaftsverwaltung festgeluecht gi sinn. Des Käscheschätzung entsprécht allerdings bei wäitem net de reellen Onkäschten, déi ze erwaarden sinn, sou dass de Gemengerot muss en zousätzlechen Devis vun 260.541.- Euro ofseenen fir d'Studiekäschten, déi heirunn gekoppelt sinn, kënnen ze finanzéieren. Gläichzäiteg muss de Gemengerot och de Kredit am Budget ëm 261.000.- Euro erhéijen fir dësen zousätzleche Käschten kënnen Rechnung ze droen.

### **2) Genehmigung vun engem zeitbegrenztenen Verkéiersreglement fir d'Organisatioun vun der Sportsmanifestatioun « 4 Stonnen Vëlo Grolljen »**

Eestëmmeg genehmegt de Gemengerot e Verkéiersreglement, dat d'Spären vu verschiddenen Stroossen de 15. August 2013 zu Grolljen fir d'Oofhaalen vun der Sportsmanifestatioun « 4 Stonnen Vëlo Grolljen » erlaabt.

### **3) Genehmigung vun verschidden Akten**

De Gemengerot genehmegt eestëmmeg

- den administrativen Akt N° 13 vum 03. Juli 2013 zwëschen der Gemeng Pëtschent an der SEO duerch den d'SEO der Gemeng 4 Parzellen laanscht d'Hauptstrooss zu Bivels vun insgesamt 2,90 Ar gratis ooftrëtt. De Gemengerot dréckt der SEO ausdrécklech e grouse Merci aus fir des Donatioun
- den Akt N° 769 vum 06. Juni 2013 zwëschen der Gemeng Pëtschent an den Ierwen Klein, déi der Gemeng sou 5 Parzellen (104/958, 107, 108, 110/808 et 385) vun insgesamt 176,10Ar zum Preis

vun 98.995.- Euro verkaufen. Hei mécht d'Gemeng vun hirem Verkafsrecht gebraucht, dat am Gesetz vum Pacte logement vum 22. Oktober 2008 verankert ass

- den administrativen Akt N° 14 vum 29. Mee 2013 zwëschen der Gemeng Pëtschent an der Famill Heinen vu Veianen, an dem d'Gemeng der Famill Heinen eng Parzell (N° 198/2254) vun 0,53 Ar zu Stolzebuerg verkeeft fir 3.180.- Euro. Op dëser Parzell sollen 2 privat Parkplazen amenagéiert ginn
- de Verkafsakt N° 4651 vum 11. Juli 2013 zwëschen der Gemeng Pëtschent an den Ierwen Klein, déi der Gemeng 1 Parzell (N° 235/1822) vun 0,60 Ar zum Preis vun 194,74.- Euro verkaufen, dat Ganzt am Kader vun der Verbreedung vum CR 353
- de Verkafsakt N° 4652 vum 11. Juli 2013 zwëschen der Gemeng Pëtschent an der Madame an Här René Steichen, déi der Gemeng eng Parzell (N° 66/979) vun 0,05 Ar verkaufen zum Preis vun 16,23.- Euro, dat Ganzt am Kader vun der Verbreedung vum CR 353.

#### 4) Bestëmmung vun de Memberen vun der Jugendkommissioun vun der Gemeng Pëtschent

An senger Sitzung vum 21. August 2012 hat de Gemengerot beschloss fir net méi an der Maison des Jeunes zu Veianen matzemaachen, well kee groussen Interessi bei der Jugend aus der Gemeng bestaan huet. Dovir as d'Idee opkomm, fir ab dem Joer 2013 eng Jugendkommissioun an d'Liewen ze ruffen. Des Kommissioun sollt sech zesummesetzen aus Vertrieeder vum Gemengerot a Vertrieeder vun den eenzelen Jugendveräiner aus der Gemeng, fir zesummen d'Interessen vun der Jugend ze fördern.

Nodeem dass d'Gemeng dunn en Opruff lancéiert an eng Informationsversammlung aberuff hat hunn sech 10 Leit gemellt fir an der neier Jugendkommissioun Member ze ginn.

Et sinn dës :

Numm a Virnumm	Wunnuert	Representatioun
Kanivé-Biewer Lotty	Bivels	Schäfferot
Zanter Roger	Grooljen	Gemengerot
Zanter Max	Grooljen	Jeunesse Grooljen
Zanter Christian	Grooljen	Jeunesse Grooljen
Schiltges Marc	Weller	Jeunesse Weller/Pëtschent
Smeets Marc	Pëtschent	Jeunesse Weller/Pëtschent
Ersfeld Michi	Poul	Jeunesse Weller/Pëtschent
Jacobs Kai	Weller	Jeunesse Weller/Pëtschent
Mangen-Schintgen Françoise	Pëtschent	Elteren vu klengen Kanner
Schirtz-Willems Françoise	Grooljen	Elteren vu klengen Kanner

De Gemengerot ass der Meenung dass dat eng gesond Mëschung ass an hält och all Kandidatur un, sou dass d'Jugendkommissioun sech lo aus 10 Memberen zesummesetzt.

#### 5) Genuemgung vun de Statuten fir déi nei Jugendkommissioun

Nodeem dass déi verschidden Jugendveräiner e positiven Avis iwwer déi nei Statuten déi d'Gemeng virgeschlo huet ofginn hunn sinn dës vum Gemengerot eestëmmeg ugeholl ginn.

Statuts de la commission pour jeunes (w.e.g franséich Versioun kucken)



## 6) Genehmigung vum Restantenetat vum Exercice 2012

De Gemengeneinnehmer Yves Reis leet de Memberen vum Gemengerot d'Lëscht mat de Leit vir, déi bis dohin d'Gemengentaxen vun 2012 nach net bezuelt hunn. De Gesamtbetrag vum Restantenetat beleeft sech op 9.532,66.- Euro. Et gëtt keng Decharge vum Gemengerot accordéiert an den Einnehmer gëtt beoptragt fir déi restlech Suen mat alle Mëttelen anzedreiwen, déi him zur Verfügung stinn.

## 7) Verschiddenes

De Gemengerot entscheed

- fir der Chorale vu Stolzebuerg e Subside vun 250.- Euro ze bezuelen fir hir Ënnerstëtzung an d'Organisatioun vun der Receptioun nom TE DEUM um Virowend vun Nationalfeierdag zu Stolzebuerg
- fir e Subside vun 200.- Euro ze accordéieren als Ënnerstëtzung vum « Night Vigil 2013 » de vun der Associatioun Friends of Patton's 26<sup>th</sup> Infantry Division Luxembourg den 21. Dezember 2013 zu Mäertzeg organiséiert gëtt
- am Kader vum Klimapakt d'Hären Aloyse Lieners, Schäffen, Roger Schirtz, Gemeindeconseiller, Jean Trausch, Gemengesekretär, Alain Biver, Gemeindebeamten, souwéi de Patrick Schinnert an de René Kessler aus dem techneschen Service als Memberen vum Klimateam ze nennen.



*Vue op d'Passerelle zwëschen Bivels an der SEO*



## Réunion du Conseil communal de la commune de Putscheid du 11 octobre 2013

Présences : Jean Kinn, bourgmestre ;  
Lotty Kanivé-Biewer, Aloyse Lieners, échevins ;  
Louise Urhausen-Heischbourg, Roger Schirtz, Nico Jacobs, Guida Biewer-Marques, Roger Zanter, Carlo Birchen, conseillers communaux  
Jean Trausch, secrétaire communal

Absences : néant

### **1) Approbation des statuts du syndicat intercommunal pour la création, l'aménagement, la promotion et l'exploitation d'une zone d'activités économiques sur le territoire de la commune de Bourscheid regroupant les communes de Bourscheid, de Putscheid, de Tandel et de Vianden, en abrégé « Syndicat Fléiber » ;**

Le 15 mars 2011 le conseil communal était unanimement favorable à l'intention de créer un syndicat intercommunal pour la gestion d'une zone artisanale intercommunale sur le site de Fléiber à côté de la N7 en commun avec les communes de Bourscheid, Tandel et Vianden.

Aujourd'hui les édiles communaux à l'unanimité des voix ont adhéré à un nouveau syndicat intercommunal qui a comme mission l'aménagement, la promotion et l'exploitation d'une zone d'activités sur le territoire de la commune de Bourscheid regroupant les communes de Bourscheid, de Putscheid, de Tandel et de Vianden, en abrégé « Syndicat Fléiber ».

Les statuts du nouveau syndicat intercommunal « Fléiber » se résument comme suit :

- Le syndicat a pour objet de créer, aménager, promouvoir, exploiter et gérer une ou plusieurs zones d'activités intercommunales et des pépinières d'entreprises. Les zones d'activités économiques intercommunales dont les pépinières d'entreprises peuvent accueillir toutes sortes d'activités artisanales, commerciales, industrielles et paraétatiques.
- Le syndicat est administré par un comité où chaque commune-membre est représentée par deux délégués.
- Le bureau du syndicat se compose de 4 membres dont le président et 3 vices présidents
- La participation des communes-membres au capital du « Syndicat Fléiber » s'élève à 1.000.000.- d'euros dont chaque commune participe avec un apport de 250.000.- euros
- L'impôt commercial des exploitations situées sur la future zone d'activité « Fléiber » sera partagé à part égale entre les quatre communes.

### **2) Décision de principe en rapport avec l'adhésion des communes de Mertzig et Diekirch au syndicat intercommunal de gestion informatique SIGI ;**

A l'unanimité des voix le conseil communal salue l'adhésion des communes de Mertzig et Diekirch au syndicat intercommunal de gestion informatique SIGI.

### **3) Désignation d'un représentant de la commune de Putscheid dans le groupe régional pacte climat ;**

Aloyse Lieners, échevin et membre actuel du « Climat Team » est désigné représentant de la commune de Putscheid dans le groupe régional pacte climat.

### **4) Demande auprès du Ministère du transport afin de changer l'itinéraire de bus N° 633 (ligne Clervaux-Vianden)**

Dans la commune de Putscheid le transport public est réglé comme suit :

- les localités de la vallée de l'Our Stolzembourg et Bivels sont desservies par les lignes de bus N°570, 571 (Stolzembourg – Ettelbruck) et 663 (Clervaux -Stolzembourg – Vianden)
- les localités de Nachmanderscheid et Putscheid par la ligne 565 (Mont St Nicolas –Ettelbruck)
- les localités de Gralingen, Merscheid et Weiler par la ligne 560 (Hosingen- Ettelbruck)

Les édiles politiques déplorent qu'il n'existe pas de liaison du transport public entre les localités de Stolzembourg et Bivels, situées dans la vallée de l'Our et le chef-lieu Putscheid avec son administration communale situé en amont.

Pour eux la solution idéale serait de changer l'itinéraire de la ligne de bus N°663 (Clervaux – Vianden) de façon à ce que ce bus puisse desservir les localités de Vianden, Bivels et Stolzembourg pour ensuite monter vers la localité de Putscheid, la mairie de Putscheid, le Parc Hosingen avec son centre scolaire, centre d'accueil, écologique, sportif avec la nouvelle piscine ainsi que les localités de Hosingen, Marnach Reuler et Clervaux.

Ce changement d'itinéraire aurait comme avantage

- que les centres touristiques de Clervaux et Vianden ainsi que les localités de Bivels, Stolzembourg, Putscheid, Hosingen, Marnach et Reuler seraient connectées directement via la ligne de bus N° 633 à la nouvelle piscine sportive et récréative « Aquanatour » située au Parc Hosingen
- que la commune de Putscheid disposerait enfin une ligne du transport public transversale connectant le chef-lieu Putscheid avec son administration communale avec les lignes de transport public traversant la vallée de l'Our et garantissant aux habitants des localités de Bivels, Stolzembourg et Putscheid le transport public direct au centre Parc Hosingen avec sa nouvelle piscine intercommunale
- que l'intégration du nouveau centre aquatique au parc Hosingen dans la ligne N° 633 augmenterait certainement l'attractivité et le rendement de cette dernière
- qu'il n'aurait pas de répercussions négatives sur les frais d'exploitation de la ligne N° 633

Pour ces motifs le conseil communal à l'unanimité des voix demande le département ministériel des transports de changer l'itinéraire de la ligne de bus N° 663 (Clervaux-Vianden) en la raccordant au centre « Parc Hosingen » via Putscheid.

### **5) Approbation du décompte des travaux de construction du pont frontalier piéton entre le G-D de Luxembourg et l'Allemagne près de Stolzembourg ;**

Uni sono le conseil communal approuve le décompte des travaux en relation avec l'aménagement du pont frontalier piéton entre le G-D de Luxembourg et l'Allemagne près de Stolzembourg.

Le décompte final en rapport avec ce projet s'élève à 258.397,91.- euros.

Le devis initial se chiffrait à 240.000.- euros.

Vu qu'il s'agit d'un projet transfrontalier le projet a été subsidié avec 130.922,33 euros du fond européen (INTERREG/EFRE) et avec 99.451,87.- euros du fond national (Ministère du Tourisme).

Le conseil communal remercie les responsables de la Société Electrique de l'Our qui ont pris à leur charge les frais en relation avec l'aménagement des fondations pour les socles.

La commune de Neuerburg, côté Allemagne par contre, n'a pas participé au financement du pont frontalier.



## 5) Explications en rapport avec l'aménagement de la promenade de l'Our entre Vianden et Stolzembourg

Le secrétaire communal fait le point sur la situation actuelle des travaux de réalisation de la promenade de l'Our.

Rappelant que dans le cadre de l'extension de la centrale de Vianden avec l'aménagement d'une 11<sup>ème</sup> machine, les responsables de la SEO, en commun avec les collègues échevinaux des communes de Vianden et Putscheid, se sont mis d'accord de rendre l'entourage du lac du barrage de l'Our plus attractif et accessible en créant un circuit thématique le long du barrage de l'Our reliant les localités touristiques de Stolzembourg et de Vianden en passant par Bivels, toujours au bord du plan d'eau.

Sur le territoire de la commune de Putscheid, les travaux de réalisation de la promenade sont déjà bien avancés. Actuellement le ponton en bois avec une longueur de presque 250 mètres entre Bivels et la centrale de la SEO ainsi que l'aménagement d'un nouveau chemin piéton à côté du CR 355 entre Bivels et Bivels-Moulin sont dans leur phase finale de réalisation. Prochainement les travaux d'aménagement d'un chemin piéton le long de la RN 10 entre Stolzembourg et la centrale SEO seront entamés. D'autant plus un groupe de travail composé de représentants des communes de Vianden, Putscheid et du Parc Naturel de l'Our sont en train de définir le contenu des panneaux d'informations qui seront aménagés le long de la promenade. L'achèvement des travaux en rapport avec la promenade de l'Our est prévu pour été/automne 2014.



## **6) Prévisions budgétaire 2014 ;**

A part les projets qui sont en cours de route et qui doivent être amenés à bonne fin, comme par exemple la construction de notre piscine intercommunale au Parc Hosingen, l'assainissement de la localité basse de Bivels et les projets des stations d'épuration pour les localités de Bivels et Stolzembourg, le collège échevinal propose pour l'année à venir d'entamer les projets extraordinaires suivants :

- le réaménagement de la rue de Wahlhausen à Merscheid y compris son réseau de canalisation et la conduite d'eau allant jusqu'au château d'eau
- le renouvellement de la conduite d'eau entre Merscheid et Gralingen
- la construction d'une nouvelle crèche au centre Parc Hosingen
- la construction d'un bassin d'orage avec station de pompage à Merscheid et à Gralingen ainsi que la mise sur place d'un collecteur d'eaux usées vers la future station d'épuration biologique de Hoscheid
- la réalisation de la zone intercommunale artisanale « Fléiber »
- des investissements dans l'amélioration des isolations thermiques respectivement des systèmes de chauffage des bâtiments communaux


## **7) Résolution de la commune de Putscheid en rapport avec le projet du parc éolien « Housen – Pëtschent » exploité par l'entreprise SOLER S.A et l'installation éventuelle d'un radar pour le compte de l'Administration de la Navigation Aérienne**

Sous forme d'une délibération officielle, les édiles communaux, à l'unanimité des voix, ont marqué leur soutien pour le projet du parc éolien « Housen-Pëtschent » situé dans les communes de Putscheid et Parc Hosingen et contre l'installation d'un radar projeté sur le territoire de la commune de Putscheid, lieu-dit « Waisse Waark » section A de Weiler vis-à-vis du réservoir d'eau de Wahlhausen.

## **8) Divers**

Le collège échevinal informe

- qu'à partir de l'année prochaine un nouveau programme leader pour la période 2014 à 2020 va devenir réalité. Le programme aura comme thématique l'inclusion sociale.
- que d'un commun accord le contrat de location avec les locataires de l'ancien presbytère à Merscheid a été annulé vu que le bâtiment connaît des grands problèmes d'humidité. Un assainissement de l'intérieur du bâtiment ainsi que la mise sur place d'une façade isolante s'impose.
- qu'une nouvelle association locale avec siège social à Putscheid a déposé ses statuts à la commune. Il s'agit d'une association sans but lucratif qui a pour objet de participer à des manifestations carnavalesques et à la confection et à l'animation de chars. La nouvelle association est dénommée « Fuesveräin Larifari ».



## **Sëtzung vum Gemengerot vu Pëtschent vum 11. Oktober 2013**

Et waren do: Jean Kinn, Buergermeeschter  
Lotty Kanivé-Biewer, Aloyse Lieners, Schäffen  
Louise Urhausen-Heischbourg, Roger Schirtz, Guida Biewer-Marques  
Nico Jacobs, Carlo Birchen, Conseilleren  
  
Jean Trausch, Gemengesekretär

Et huet kee gefeelt.

### **1) Genuehmegung vun de Statuten fir d'Schafung an d'Exploitatioun vun enger interkommunaler Industriezone genannt « Syndikat Fléiber » zesummen mat de Gemengen Buurschent, Tandel a Veianen um Territoire vun der Gemeng Buurschent**

De 15. März 2011 huet de Gemengerot eestëmmeg seng Absicht erklärt, fir beim Schafen vun enger Industriezone um Site Fléiber niewent der N7 zesummen mat de Gemengen Buurschent, Tandel a Veianen mat ze maachen.

An der Sitzung vun haut ass de Gemengerot eestëmmeg averstan fir dem neien interkommunalen Syndikat Fléiber bäizetrieden, zesummen mat de Gemengen Buurschent, Tandel a Veianen. D'Statuten vum neien Syndikat gesinn ënner anerem vir:

- de Syndikat Fléiber huet als Missioun fir d'Schafen an d'Exploitieren vun enger oder méi Industriezonen fir artisanal, kommerziell, industriell a parastaatlech Aktivitéiten.
- de Syndikat gëtt verwalt vun engem Comité an dem all Membersgemeng mat 2 Déléguéierten vertrueden ass.
- de Bureau vum Syndikat besteet aus 4 Memberen, an zwar 1 President an 3 Vizepresidenten
- d'Kapital vum Syndikat beleefst sech op 1.000.000.- Euro, wouvun sech all Membersgemeng mat 250.000.- Euro bedeelegt.
- den Impôt commercial vun der zukünftiger Industriezone gëtt och zu gläichen Deeler op déi 4 Membersgemengen opgedeelt.

### **2) Bäitritt vun de Gemengen Mäertzeg an Dikrech an den interkommunalen Syndikat SIGI**

Eestëmmeg geneemegt de Gemengerot de Bäitritt vun de Gemengen Mäertzeg an Dikrech an den interkommunalen Syndikat SIGI.

### **3) Bestëmmen vun engem Vertrieeden vun der Gemeng Pëtschent am regionalen Grupp vum Klimapakt**

Den Aloyse Lieners, Schäffen a Member vum Klimateam vun der Gemeng gëtt eestëmmeg als Vertrieeder vun der Gemeng Pëtschent am regionalen Klimateam bestëmmt.



#### **4) Ufro beim Transportministère fir d'Streck vun der Buslinn N°633 (Klierf-Veianen) ze änneren**

An der Gemeng Pëtschent ass den öffentliche Transport folgendermoossen geregelt :

- Dierfer am Ourgronn Stolzebuerg a Bivels ginn ugefuer vun de Linnen N°570, 571 (Stolzebuerg – Ettelbréck) an 663 (Klierf - Stolzebuerg - Veianen)
- Dierfer vun Nuechtmanesch a Pëtschent ginn ugefuer vun der Linn N°565 (Mont St Nicolas – Ettelbreck)
- Dierfer Grootjen, Mierschent a Weller ginn ugefuer vun der Linn N°560 (Housen- Ettelbréck)

Déi politesch Verantwortlech bekloen e bëssen, dass et keng Verbindung mam öffentlichen Transport zwëschen Stolzebuerg a Bivels am Ourdall a Pëtschent mat der Gemeindeverwaltung um Bierg gëtt.

Eng ideal Léisung wär fir d'Streck vun der Buslinn N°663 (Klierf-Veianen) ze änneren, sou dass dese Bus kinnt vu Veianen iwwer Bivels, Stolzebuerg rop op Pëtschent fueren, laanscht d'Gemeng Pëtschent an dann an de Park Housen mat der Schoul, dem Centre d'accueil, dem Centre écologique, sportif an der neier Schwämm, an da weider op Housen, Maarnech, Reiler a Klierf.

Des Streckenännerung hätt folgend Virdeeler :

- Et géif sou duerch d'Linn N°633 eng direkt Verbindung ginn vun dene zwee Touristenzentren Klierf a Veianen an den Uertschaften Bivels, Stolzebuerg, Pëtschent Housen Maarnech a Reiler mat der neier Schwämm „Aquanatour“ am Park Housen.
- D'Gemeng Pëtschent hätt sou endlech eng Querverbindung zwëschen der Hauptuertschaft Pëtschent mat der Gemeindeverwaltung an de Linnen vum öffentlichen Transport duerch den Ourdall, a gëtt sou den Awunner vu Bivels, Stolzebuerg a Pëtschent eng direkt Verbindung an de Parc Housen mat der neier Schwämm garantéieren.
- Duerch d'Ubannen vun der neier Schwämm am Parc Housen wier d'Linn N° 633 sécher wesentlech méi attraktiv a méi rentabel
- Et get keng negative Auswirkungen op d'Exploitationssäkten vun der Linn N° 633

All des Argumenter bewegen de Gemengerot eestëmmeg dozou fir beim Transportministère ze froen fir d'Streck vun der Linn N° 633 (Klierf – Veianen) ze änneren an de Parc Housen iwwer Pëtschent mat unzabannen.

#### **5) Geneemegung vum Décompte vun den Aarbechten fir de Bau vun der neier Grenzbreck bei der SEO zu Stolzebuerg**

Eestëmmeg geneemegt de Gemengerot den Décompte vun den Aarbechten fir de Bau vun enger Grenzbreck bei der SEO zu Stolzebuerg, mat engem Gesamtpreis vun 258.397,91.- Euro. Den ursprénglechen Devis war 240.000.- Euro.

Dëse Projet gëtt subsidiéiert mat 130.922,33 Euro vum europäesche Fong (INTERREG/EFRE) a mat 99.451,87.- Euro vum Tourismusministère.



De Gemengerot seet ausdrécklech och nach emol deene Responsablen vun der SEO Merci dass d'SEO d'Käschten fir d'Sockelen an den Aménagement vun den Alentouren vun der Bréck iwwerholl hunn. D'Gemeng Neierbuerg (D) dogéint huet sech net um Finanzement vun der Bréck bedeelegt.

#### **6) Erklärungen iwwer de Projet vun der Promenade de l'Our zwëschen Veianen a Stolzebuerg**

De Gemengesekretär mëscht dem Gemengerot en aktuelle Bericht iwwer de Projet vun der Promenade de l'Our zwëschen Veianen a Stolzebuerg.

Am Kader vun der Erweiterung vun der Zentral vun der SEO mat enger 11. Maschinn hunn sech déi Responsabel vun der SEO zesummen mat de Schäfferët vun de Gemengen Veianen a Pëtschent drop geénegt, fir de Wé rondrëm den Ënnerbecken méi attraktiv ze gestalten duerch d'Uleeën vun engem Themenwé laanscht d'Waasser zwëschen Stolzebuerg a Veianen.

Um Gebitt vun der Gemeng Pëtschent sinn d'Aarbechten un der Promenade well gutt virukomm. Momentan sinn d'Aarbechten un der Passerelle am Holz op enger Längt vun 250 Meter zwëschen Bivels an der Zentral vun der SEO, sou wéi d'Uleeën vum Spadséierwee laanscht den CR 355 zwëschen Bivels an der Bivelscher Millen an der leschter Phase.

Demnächst wäerten d'Aarbechten fir de Wee laanscht d'N10 zwëschen Stolzebuerg an der SEO ufänken.

Doniewent besteet en Aarbechtsgrupp vu Verrieder aus de Gemengen Veianen a Pëtschent an dem Naturpark Our, den amgaang ass an etlechen Aarbechtssitzungen Informatiounsschëlde zesummen ze setzen, déi laanscht déi ganz Promenade solle stoen kommen.

Et ass virgesinn, dass d'Aarbechten un der ganzer Promenade bis Enn 2014 ofgeschloss sollen sinn.





### 7) Previsiounen fir de Budget 2014 ;

Niewent de Projet'en, déi am Moment lafen, wéi ënner anerem de Bau vun der interkommunaler Schwämm am Parc Housen, de Stroossebauprojet zu Bivels, d'Ofwaasserprojet'en fir Bivels a Stolzebuerg, schléit de Schäfferot vir, folgend nei Projet'en unzegoen:

- d'Erneuerung vun der rue de Wahlhausen zu Mierschent, mat Erneuerung vum Kanal an der Waasserleitung bis op de Waasserbehälter
- d'Erneuerung vun der Waasserleitung zwëschen Mierschent a Grooljen
- de Bau vun enger neier Crèche am Parc Housen (SISPOLO)
- de Bau vun engem Reeniwwerlafbecken mat Pompelstatioun zu Mierschent an zu Grooljen an d'Verleeën vun engem Ofwaassersammler op déi nei zukünfteg interkommunal Kläranlag zu Houschent
- d'Realisatioun vun enger interkommunaler Industriezone Fléiber
- Verbesserung vun der thermescher Isolatioun vun verschidden Gemeindegebaier, daat ganz am Kader vum Klimapakt.

### 8) Resolutioun vun der Gemeng Pëtschent am Zesammenhang mam geplangte Wandpark « Housen –Pëtschent » vun der Gesellschaft SOLER S.A an der eventueller Installatioun vun engem Radar fir d'Administration de la Navigation Aérienne

Duerch en offizielle Beschluss ënnerstëtzt de Gemengerot eestëmmeg de geplangte Wandpark « Housen-Pëtschent » fir d'Gemengen Pëtschent a Parc Housen, an dréckt sech domat och kloer géint e geplangte Radar um Territoire vun der Gemeng Pëtschent beim « Wäisse Wak » aus.

### 9) Verschiddenes

De Schäfferot informéiert

- dass ab dem nächste Joer en neie Leader Programm fir d'Period 2014 bis 2020 ugeet.
- dass de Mietkontrakt mat de Locataire vum Härenhaus vu Mierschent einvernehmlech obgeléist ginn ass. Am Härenhaus besteet e gréissere Problem mat Fiichtegkeet, an d'Haus muss komplett bannen sanéiert ginn a soll baussen eng Isolierfassade kréien.
- dass en neien Veräin mat Setz zu Pëtschent seng Statuten op der Gemeng ofginn huet. Et handelt sech hei ëm e Fuesveräin den sech « Larifari » nennt.





## Réunion du Conseil communal de la commune de Putscheid du 28 novembre 2013

Présences : Jean Kinn, bourgmestre ;  
Lotty Kanivé-Biewer, Aloyse Lieners, échevins ;  
Louise Urhausen-Heischbourg, Roger Schirtz, Nico Jacobs, Guida Biewer-Marques, Roger Zanter, Carlo Birchen, conseillers communaux  
Jean Trausch, secrétaire communal

Absences : néant

### 1) Adhésion des « Südeifelwerke Irrel AöR » au syndicat intercommunal SIDEN ;

Unaniment le conseil communal marque son accord pour l'adhésion des « Südeifelwerke Irrel AöR au Syndicat Intercommunal de Dépollution des eaux Résiduaire du Nord dénommé « Siden » afin de garantir la dépollution des eaux usées de la localité de Wallendorf (D).

### 2) Participation de la commune de Wincrange au pacte climat en collaboration intercommunale avec les communes du Syndicat pour l'Aménagement et la Gestion du Parc Naturel de l'Our ;

